# Weekend vum Wëlle Westen

Den 02. an 03. Juli huet déi éischt touristesch Porte Ouverte am Wëlle Westen stattfonnt. De Syndicat Intercommunal vum Réidener Kanton huet gemeinsam mat de véier touristeschen Haapt-Partner op een Weekend am Wëlle Westen invitéiert.


© Charles Reiser

Déi zwee Deeg hunn Visiteuren aus der Groussregioun flott Aktivitéite fir Grouss a Kleng konnten erliewen. Et waren Informatiouns- an Animatiounsstänn, mat vill schéine Spiller a Bastel-Aktivitéiten, sou wéi Iessen a Gedrénks op der Useldenger Buerg, der Biekerecher Millen, der Thillenvogtei zu Randschelt an dem Schifermusée zu Uewermaartel ze fannen.

Déi offiziell Ouverture huet den 02. Juli um 11.00 Auer op der Biekerecher Millen stattfonnt, ënnert der Presenz vum Minister Claude Haagen.

Mam Weekend vum Wëlle Westen konnt de Wëlle Westen déi éischte Kéier eenheetlech touristesch no baussen optrieden an seng touristesch Offer weisen. Vun Ponyen an Alpakaen, iwwert geschichtsträchteg Muséeën zu villen ënnerschiddlechen Themen, bis hin zu enger Buerg. Vun Offere fir Kanner, Familljen a Leit mat enger Beanträchtegung bis hin zu flotte Visitte fir Erwuessener. De Wëlle Westen kann sech weise loossen a wäert och an Zukunft touristesch Eventer organiséieren.

**De Weekend vum Wëlle Westen wäert 2023 nees stattfannen. Stay tuned!**


© Charles Reiser


© Charles Reiser


Schiefermusée © Eilijah


Useldenger Buerg © Eilijah

VISITWËLLEWESTEN

KANTON RÉIDEN

**TouristInfo Wëlle Westen**
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
T +352 28 33 45 10
info@visitwellewesten.lu
www.visitwellewesten.lu

@visitwellewesten